N°4546
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'lescht Woch wollt ech an enger parlamentarescher Fro Informatiounen zur Versuergungssituatioun beim Bensinn hei am Land, nodeems d'Informatioun zirkuléiert ass, dass et op e puer Tankstellen hei am Land kee Bensinn méi krut. Den Energieminister hat bestätegt, dass een Tankstellenetz vun enger temporärer Penurie betraff war, well d'Schëfffaart um Rhäin/Musel duerch d'Waasserpeegelen staark ageschränkt ass.

Ech krut elo erëm d'Informatioun vu Leit, dass dat selwecht elo beim Diesel-Dreifstoff de Fall wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister confirméieren, datt et aktuell op eenzelen Tankstellen zu Lëtzebuerg zu enger Rupture de stock beim Diesel komm ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés